sen Obolus, eise Bäitrag zum Klimaschutz international geleescht. Also national Moossnamen hunn absolut Prioritéit an där Fro."

Hien huet och emol gesot, dat war d'lescht Joer: „Et gesäit ganz dono aus, dass déi ganz Strategie géif dorobber erauslafen, dass mer, wéi mer dat als Lëtzebuerger allze oft scho gemaach hunn, eis mam Scheckheft géife fräikafen. An dat ass onmoralesch, wéi de Premier gesot huet, ech kann deem nëmme bäiflichten." Voilà.

D'Saach gesäit elo anescht aus. D'Sozialiste maachen elo een anert Gesetz, maachen dat, wat an der nationaler Strategie stoung, déi vun der leschter Regierung hei opgesat ginn ass, a wäerte vun deenen zwou Zorte vu Mesurë profitéieren, vun deenen nationalen a vun deene flexibelen, fir dësem Problem hei Meeschter ze ginn.

Op d'mannst war et esou, dass déi lescht Regierung eng Strategie gemaach huet, déi komplett war, déi och an deene leschte Jore vun der Demokratescher Partei, zesumme mat där Regierung an där se war, ëmgesat ginn ass. Op d'mannst ass d'Basis hei geluecht gi fir d'national Mesuren ëmzesetzen. Dat léisst sech net leegnen, an ech freeë mech schonn op déi Debatt, déi mer d'nächst Joer kréien am Kader vun der Lag vun der Natioun, wa mer de Rapport vum Ëmweltministère hei wäerten diskutéieren. Do kënne mer jo statistesch nogewise kréien, wat fir eng Entwécklung d'erneierbar Energien déi lescht Joren hei zu Lëtzebuerg hat.

An deem Kontext, an de Minister huet dat hei ugesprach, waarde mer dann och gespaant op déi nei Reglementer, déi hei wäerte kommen. Ech menge schonn, dass déi Reglementer mussen ugepasst ginn an an de Kontext vu Kyoto gesat ginn. Da mécht dat méi Sënn. Mir kommen awer och net derlaanscht déi 5,7% ze respektéieren, zu deene mer eis am Kader vun der Europäescher Unioun engagéiert hunn, wat déi erneierbar Energien ugeet. Dat wäert net esou einfach sinn, mä déi Mesuren, déi de Minister hei zum Beispill genannt huet, déi sinn eis scho bekannt, well déi hu scho virun de Wahlen an de Käpp gegeeschtert.

Ech mengen, et wier och vläicht richteg op ee Wee ze goen, fir dass ee vun deene Leit, déi wëlle Fotovoltaiksanlagen opriichten, awer verlaangt op d'mannst een Deel vun hirer Consommatioun mat gréngem Stroum ze bezéien. Déi Iddi schéngt mir net esou abwegeg, ech mengen dann hätte mer zwou Mécke mat engem Schlag getraff. Mä d'Sozialisten däerften et awer méi liicht kréie wéi mir et haten an der Regierung, fir dat Reglement hei ze ajustéieren, well jo elo awer am Budget e ganze Koup Geld virgesinn ass fir dat do. Ech gi jo awer net dovunner aus, dass déi Kreditter, déi elo do sinn, op wellechen Niveauen och ëmmer, wäerten zréckgoen. Dat wär, mengen ech, dat falscht Signal dobaussen. Et soll een elo déi Kreditter, déi do sinn, op deem Niveau hale wou se sinn, a versichen eppes Éierbares domat ze maachen.

Ech wollt just nach soen, dass deen Discours, deen hei ëmmer erëm gefouert ginn ass, fir alles mat nationale Mesuren ze maachen, esou gutt en och vläicht gemengt war, dach utopesch war. Deen Discours, deen awer zum Beispill vun der CSV am Kader vun de Budgetsdebatte gefouert ginn ass, vun hirem Rapporteur, deen hunn ech awer och net gutt fonnt. Ech mengen, och dat ass dee falsche Message fir als eenzeg Ausso iwwert d'Ëmwelt just d'Fotovoltaik als ee Faass ouni Buedem duerzestellen. Dat, mengen ech, wier och net gutt. Et ass och net gutt dee Kyoto-Protokoll, och wann een dat muss maachen, nëmmen duerch de finanzielle Brëll ze kucken.

An ech widderhuelen dat just hei, wat den Här Oberweis gesot huet, dass et hei net eleng ëm Sue geet oder ee Faass ouni Buedem, mä et geet u sech ëm d'Wuel vun den zukünftege Generatiounen. Ech sinn och perséinlech der Meenung, dat wat mäi Virriedner hei gesot huet, dass et hei wahrscheinlech ëm déi gréissten Erausfuederung geet, déi d'Mënschheet zënter hirer Existenz kannt huet, an ech mengen esou muss een dann awer och e Message vermëttelen, fir dass d'Leit sech dobausse mat där Situatioun, mat där Problematik hei ausenaner setzen, fir dass och si hire Bäitrag hei leeschten; e Bäitrag, deen déi meescht vun hinnen dann och zu 90% bereet sinn ze maachen, awer nëmme bei Ëmfroen an Enquêten.

A wann een da gesäit wéi et ass wann et drëms geet fir et fräiwëlleg ze maachen, dass mer dann awer meilewäit a sech dovunner ewech sinn. An deem Sënn kënnt de Législateur awer net derlaanscht fir déi Leit, déi net fräiwëlleg dëse Wee an absehbarer Zukunft wëlle matgoen, ze sanktionéieren - de Minister huet et sanktionéiere genannt - oder fir déi op eng aner Manéier dozou ze bréngen hir Verantwortung hei ze iwwerhuelen.

Den Här Oberweis huet ganz richteg hei gesot, net nëmmen d'Leit mussen hir Verantwortung huelen, och d'Politiker mussen hir Verantwortung huelen an dofir musse si déi legislativ Mesuren huelen, déi sech hei opdrängen. Ech mengen och, dass d'Leit dobaussen, wa se emol richteg opgekläert sinn a sech bewosst sinn ëm wat datt et geet, bereet sinn dee Wee hei mat ze goen. Et soll een a sech deeselwechten Discours féiere wéi deen, deen elo zënter enger Zäit gefouert gëtt vun der Regierung am Beräich vun de sozialen Ausgaben, wou jo och de Bierger op déi an absehbarer Zäit fälleg Ajustementer haut scho preparéiert gëtt. Deeselwechte Wee kéint een u sech och hei bei der Kyoto-Problematik goen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat Gesetz hei ass e gutt Gesetz, kee Wonner, et staamt jo och nach aus der Fieder vun där Regierung vu virdrun a mir hu jo och kee Grond no de Wahlen eis Meenung hei ze änneren. An dofir wäerte mir selbstverständlech dat Gesetz hei stëmmen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Calmes. Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer kuerz op eisen Ordre du jour zréckzekommen.

6. Ordre du jour

Mir haten am Ufank vun der Sitzung gesot, dass mer géifen den Ordre du jour vun haut, déi Projeten, déi mer haut de Mëtten um Ordre du jour hunn, alleguerte fäerdeg maachen. Et ass awer elo an der Zwëschenzäit véirel bis siwen a bei dësem Projet eleng sinn elo nach zwee Riedner agedroen, déi am Ganzen eng Stonn Zäit brauchen, esou dass et Véirel bis aacht gëtt bis mer mat deem heite Projet fäerdeg sinn.

Et sinn eng ganz Partie vun Demanden u mech erugedroe ginn, vu dass d'Deputéierten net wossten, dass mer géifen iwwert déi normal Zäit erausfueren, e ganze Koup vun hinnen aner Engagementer haut den Owend hunn, esou dass ech géif mengen dass et besser wär, mir géifen dëse Projet fäerdeg maachen, dat gëtt ëmmerhin da véirel bis aacht, a mir géifen da mar de Moie weiderfuere mat deene Projeten, déi haut de Mëtteg net drukomm sinn. Esou wéi mer gesot gëtt, sinn d'Rapporteuren an och d'Ministere mar de Moien disponibel fir dat ze maachen an ech denken och, dass den Ordre du jour vu mar géif duergoe fir déi doten zwee Projete mat eriwwer ze kréien.

Ass d'Chamber mat där Propos d'accord?

(Assentiment)

Den Här Glesener freet d'Wuert.

M. Marcel Glesener *(CSV)*.- Just nach eng Zwëschefro, Här President: Et ass jo da kloer, dass mer mar de Moien ufänke mat deene Projeten, déi mer haut net evakuéiert hunn?

M. le Président.- Selbstverständlech. Mir fueren der Rei no, esou wéi se um Ordre du jour stoungen.

Ech wëll nach dobäi soen, well dat och nach eng Modifikatioun vum Ordre du jour ass, dass den 28. Oktober d'Chamber iwwert de Projet de loi 5321, betreffend de Bau vun engem Fleegeheem zu Klierf, ofgestëmmt huet. De Statsrot huet seng Dispens de 16. November ginn. Et huet sech awer erausgestallt, dass et bei der Opstellung vum Gesetzestext zu engem bedauerlechen Iertum koum, esou dass d'Chamber nach eng Kéier dozou opgeruff ass iwwert de korrigéierten Text ofzestëmmen. Dat maache mer da mar de Mëtteg no deem leschte Vote vun de Projeten, déi mer hunn. D'Familljekommissioun hat haut eng Réunioun an huet e Rapport complémentaire ugeholl.

Ass d'Chamber domadder averstanen?

(Assentiment)

Da wëll ech nach soen, dass mer exceptionnellement, well haut a mar eisen Ordre du jour wierklech kompriméiert ass a vill aner Obligatioune sinn, d'Votë vun alle Projeten, och déi, déi mer elo amgaange sinn ze diskutéieren, all Projete stëmme mer muer um Enn vun der Sitzung of. Voilà.

Gutt, dann ass dat alles esou décidéiert.

Den Här Minister Frieden freet d'Wuert nach.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Här President, d'Chamber décidéiert wéi se hire Programm mécht. Ech wëll just d'Chamber informéieren, dass ech muer de Moien awer misst um 10 Auer fortgoen, well ech hunn d'Visite vum portugisesche Justizminister en vue vun der Presidentschaft, a vu dass deen aus dem Ausland op Besuch kënnt, kréien ech dat net geréckelt. Wa mer also fir 10 Auer kéinten de Projet iwwert d'Polizeikooperatioun fäerdeg hunn, da wier dat aus eiser Siicht, aus menger Siicht hëllefräich.

Ech huelen un, d'Chamber geet um 8.30 Auer un?

M. le Président.- Jo.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Da misste mer jo um 10 Auer mat deem Projet fäerdeg sinn.

M. le Président.- Also, Här Minister, mat deene Riedner, déi ageschriwwe sinn, a mat deene Riedezäiten, déi mir ugi gi sinn, dierft et kee Problem sinn, dass mer an där Zäit do iwwert d'Ronne kéimen.

Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, dann ass dat elo alles sou décidéiert, dann héiere mer elo nach zu dësem Projet zwee Riedner an dann ass d'Diskussioun ofgeschloss. Den éischte vun deene Riedner ass deen honorabelen Här Camille Gira. Här Gira, Dir hutt d'Wuert.

7. 5327 - Projet de loi 1. établissant un système d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre; 2. créant un fonds de financement des mécanismes de Kyoto; 3. modifiant l'article 13bis de la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés (suite)

Discussion générale (suite)

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de 5. Oktober dëst Joer sinn 250.000 Tonnen CO_2-Emissiounsrechter um europäesche Marché gehandelt ginn. Ier den europäeschen Emissiounshandel also legal existéiert, sinn also scho Leit, déi erkannt hunn, dass dat do dee Marché vun der Zukunft ass. An Expertë ginn dovunner aus, dass am Joer 2005, also d'nächst Joer schonn, wann déi 25 EU-Länner drun deelhuelen, ongeféier 150 Milliounen Tonne wäerte gehandelt ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, hei ass eng nei Währung geschaf ginn. De Wäert vun dëser Währung wäert de Marché bestëmmen an de Wäert vun dëser Währung ass de Moment ongeféier zéng bis 15 Euro pro Tonn. Déi meescht Expertë ginn dovunner aus, dass en awer, wann d'Kyoto-Mechanismen 2008 weltwäit a Kraaft wäerten trieden, steige wäert. Dat mengen ausländnesch Experten, dat mengen awer och Leit hei aus dem Land. Sou huet och d'Chambre de Commerce an hirem Avis complémentaire, deen haut komm ass, déiselwecht Meenung vertrueden.

Ech muss mech also wonneren - et ass schued, dass en net méi hei ass -, dass de Budgetsminister a senge Mëllechmeedechersrechnungen, déi en eis viru 14 Deeg hei virgeluecht huet an op déi ech nach wäert zréckkommen, vun zéng Euro d'Tonn am Joer 2012 ausgeet. Vläicht kréie mer awer nach d'Geleeënheet erauszefannen, wou en déi Quellen hier huet. Mir sinn do op jidde Fall ganz skeptesch a mir hunn op jidde Fall méi Leit, déi éischter eis Meenung vertrieden, dass dee Präis wäert gewalteg steigen, wéi déi dass en esou wäert bleiwen, wéi den Här Frieden eis an der Öffentlechkeet hei wollt wäis maachen - mä dozou komme mer nach.

(Interruption)

Well de Risiko ass grouss, dass ab 2008 et e weltwäite Manktem un CO_2-Emissiounsrechter gëtt. Et sinn zwar Leit, déi lo soen, lo wou Russland dobäi ass, sinn der relativ vill disponibel, mä et sinn nach eng ganz Rei Länner wéi Lëtzebuerg, déi et net fäerdeg wäerte bréngen hir Ziler ze erreechen an domat och op de Kaf an den Akaf um internationale Marché ugewise sinn, wat da ganz rapid kann dozou féieren, dass dës Präisser dramatesch wäerte steigen.

Och déi Gréng si frou, Här President, dass Europa déi nei Währung als éischt agefouert huet, an ech deelen do iwwerhaapt net dem Här Calmes seng Ängschten, dee fäert, dass awer vläicht do e Konkurrenznodeel entsteet. Mir sinn iwwerzeegt, dass dëse Fait den europäeschen Entreprisen e Konkurrenzvirdeel wäert verschafen, well nämlech ganz kloer d'CO_2-Emissiounsrechter am Ufank wäerte vill méi bëlleg si wéi an enger Rei Joren. A wann elo déi europäesch Entreprisë sech andecke kënne mat bëllegen Certificater, dann hu se e Konkurrenzvirdeel fir d'Zukunft, mä si sinn awer och déi éischt, déi weltwäit wäerten agestallt sinn op déi nei Donnéeën, si wäerte gewinnt si mat deem neien Instrument, mat där neier Währung ëmzegoen. Si wäerte sech astellen, si wäerten hir Betriber ëmstellen, si wäerte sech Strategië gi fir sou vill wéi méiglech vun deene Certificatë kënnen anzespueren an da souguer Geld domat ze maachen, well se se jo bekanntlech gratis zur Verfügung kréien a se dann um Marché verkafe kënnen.

An dass, Här President, d'EU richteg läit, weist, dass scho virun 2008 eng ganz Rei Länner sech wëllen dem europäesche System uschléissen. Norwegen, zum Beispill, wat jo net an der EU ass, mä natierlech Interesse huet mat senger grousser Uelechindustrie sou séier wéi méiglech op deem Marché do dobäi ze sinn, d'Schwäiz huet Interessen ugekënnegt, Kanada, jo och Japan. An et ass schonn hei erwähnt ginn, souguer an den USA gëtt et Leit déi, glécklecherweis, muss ee soen, méi wäit gesi wéi de President Bush. Et sinn eng ganz Rei Staten am Nordoste vun Amerika, mä awer och Kalifornien, amgaang en ähnlechen Handelssystem wéi den europäeschen op d'Been ze setzen a Quoten anzeféieren.

An dat ass och do kee Wonner, well grad déi amerikanesch multinational Firmaen hu jo keen Intérêt total dobaussen ze bleiwe bei deem ganze Mechanismus, well vill vun hinnen hunn egal wéi eng Rei Dépendancen a Länner, déi de Kyoto-Prozess net nëmmen ënnerschriwwen hunn, mä och wäerten ëmsetzen. Et ass evident, dass all déi Firmae sech mussen eng kohärent Strategie fir dee ganze Grupp kënne ginn an net op zweeërlee Zich fueren nach eng Kéier, deen an Amerika, dee mat deem do System näischt wëllt ze dinn hunn, a mat engem anere Been op engem Zuch, deen awer amgaang ass a Richtung Aspuere vun CO_2-Emissiounen ze fueren, sou dass, mengen ech, de President Bush do wäert glécklecherweis lénks vu senger eegener Industrie iwwerholl ginn.

A schlussendlech ass souguer scho China amgaang, obwuel et nach, bis de Moment op jidde Fall, keng Verflichtungen huet, sech prett ze maachen. China ass amgaange sengen Industrien Oplagen ze maachen a Verbrauchswäerter fir Autoen anzeféieren, well China ganz genee weess, ganz genee weess, dass et geopolitesch gesinn als zweetgréissten Emetteur op der Welt och eng Kéier net dolaanscht kënnt an dee Prozess hei anzeklammen, wann et wëllt an anere Beräicher mat Europa, mat anere Géigenden op der Welt zesummenzeschaffen, da kann et net aussen vor bleiwe bei Kyoto.

An, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Lëtzebuerg an deem Ganzen? Bon, et ass e bëssen erstaunlech, well normalerweis, wann et ëm Geld geet, dann hu mer jo eng gutt Nues, a mir richen et Kilometer géint de Wand, wann eppes an deem Beräich an der Maach ass. Abee, Lëtzebuerg huet eiser Meenung no d'Aféierung vun där neier Währung, vun där ech geschwat hunn, verschlof.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Wéi ass dat dann ze erklären? Eiser Meenung no hunn déi dräi lescht Regierunge sech am Dossier verschat, d'Schwieregkeet mat Kyoto ënnerschat an de Klimaschutz net eescht genuch geholl. D'LSAP-CSV-Regierung 1994 bis 1999 huet sech am Dossier verschat, an net, an dat wëll ech betounen, Här President, net beim Engagement vu minus 28%, wéi den Här Grethen, deen elo amgaang ass zur Dier erauszegoen, ëmmer hei der LSAP wollt wäis maachen…

M. Henri Grethen *(DP)*.- Ech bleiwen, wann Der schonn iwwer mech schwätzt.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- …, andeem den Här Grethen hei der LSAP virgeworf huet, mat hirem Engagement zu Kyoto hätt se Lëtzebuerg op de Wee zréck an de Steenzäitalter wëlle féieren.

Ech wëll betounen, dass déi Regierung sech net do verschat huet

beim Engagement, an ech kommen och zu Erklärungen, well et ass heiansdo gemaach gi wéi wa mer Kyoto 1990 verhandelt an ënnerschriwwen hätten. Dat ass jo net de Fall. 1997 hu mer ënnerschriwwen a si mer eist Engagement agaang. A wou ware mer dann 1997 drun? Mir hunn 1990 14 Milliounen Tonnen CO_2 an aner Gasen émettéiert.

(Interruption et hilarité)

Et ass anscheinend schwiereg och den Här Grethen nach nodréiglech vun der Richtegkeet vun eisen Aussoen a vun der Richtegkeet vum Engagement ze iwwerzeegen, mä hie war nach ni, mengen ech, ee vun deenen, déi gemengt hu Kyoto géing wierklech d'Zukunft vu Lëtzebuerg a vun der Welt bestëmmen. Ech mengen, en huet sech awer do ganz fatal gëiert.

Also, nach eng Kéier, mir haten 1990 14 Milliounen Tonnen Emissiounen. Mir waren awer 1997, wéi mer eist Engagement vu minus 28% geholl hunn, bei 8,5 Milliounen Tonnen. Dat waren de facto deemols minus 40%. Mir haten also fir eist Zil vu minus 28% 2008/2012 ze erreechen eigentlech nach e Sputt vun 12% no uewen, baséierend op der Situatioun vun 1997. Et ass also guer net esou wéi et ëmmer sollt duergestallt ginn, dass mer schrecklech ambitiéis d'Zil deemools agaang sinn.

Neen, Här President, de Feeler vun där Regierung waren net déi minus 28%, de Feeler war d'Meenung, duerch d'Ëmstellung vun der ARBED esou vill Sputt ze hunn, dass mer mat engem Business-as-usual-Zeenario eis Ziler labber géingen erreechen. An ech wëll och nach eng Kéier hei betounen, dass deemools '97, wéi mer ënnerschriwwen hunn, déi sou genannte Kyoto-Mechanismen net zu eisem Nodeel gespillt hunn a mir waren och - an ech wëll dat ëmmer erëm betounen, an dofir sinn ech esou allergesch op dat Wuert atypesch - 1997 net an enger atypescher Situatioun.

Firwat? Deemools huet eisen Tanktourismus, dee mer jo ugerechent kréien, ronn dräi Milliounen Tonnen ausgemaach, mä op där anerer Säit huet awer och de Stroumimport dräi Milliounen Tonnen ausgemaach, dat heescht dee Mechanismus, deen an eiser Défaveur gespillt huet an och nach spillt, nämlech den Tanktourismus, war equivalent mat deem, deen nämlech an eiser Faveur spillt, dass de Stroum do ugerechent gëtt, wou e produzéiert gëtt. Dat huet sech 1997 am Equiliber gehal. Dat waren dräi Millioune géint dräi Milliounen.

Et muss ee soen, dass een och deemools huet kënne soe mir wieren iwwerindustrialiséiert gewiescht, well dee ganzen ARBEDs-Stroum vun den Elektrostolwierker ass eis jo net ugerechent ginn. An et konnt een och deemools net soen, mir hunn därmoossen eng grouss Stolproduktioun, déi mer an d'ganz Welt exportéieren, well de Stroum fir déi Stolproduktioun gëtt eis net ugerechent.

Mä, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat awer deemools grad wéi haut schonn zu Lëtzebuerg atypesch ass a bleift, dat ass de Pro-Kapp-Verbrauch. Mir louchen deemools iwwer 20 Tonnen, mir leien haut erëm iwwer 20 Tonnen an d'Projektioune gi souguer nach méi an d'Luucht; ech wäert herno dorop zréckkommen.

Déi deemoleg Regierung hat also d'Ist-Situatioun richteg ageschat, huet sech awer verschat, wat d'Entwécklung vun deenen eenzelne Secteuren ubelaangt huet. Si huet gemengt si kéint drop verzichten eng Strategie ze entwéckelen, si huet keng Zeenarien entwéckelt fir d'Saach am Grëff ze behalen, fir iwwerhaapt d'Evolutiounen ze suivéieren, och an den Zuelen. A si huet virun allem kee Raster entwéckelt, no deem richteg Entscheedungen a wichteg Entscheedunge gepréift gi wieren.

Tatsächlech hätt ee missen en connaissance de cause driwwer diskutéieren, ob een dat GuD-Wierk zu Esch an där Form sollt bauen, mä do ass den Här Goebbels jo awer - an ech muss awer heiansdo drun erënneren - wéi esou oft a senger Carrière mam Kapp duerch d'Wand gaangen. Et waren Ëmweltschutz-Organisatioune wéi Greenpeace, déi em souwuel gesot hunn, dass dat do eng Katastroph géing gi fir Kyoto, mä déi em awer och gesot hunn, dass dat do energiepolitesch gesinn net déi richteg Décisioun wier, an dass mer vill besser hätten amplaz vun enger grousser 350 Megawatt schwéierer Zentral eng ganz Rei dezentraler ze bauen.

Hei gëtt jo heiansdo esou gemaach wéi wann déi ganz Problemer eis op de Kapp gefall wieren. Ech wëll drun erënneren, dass all Kéiers hei falsch Décisioune geholl gi sinn.

Ech wëll och drun erënneren, dass eis elo eng Industrialiséierungspolitik vun deemselwechte Mann deelweis op de Kapp fält, deen och nach ni iwwerluecht huet, wat en op Lëtzebuerg géing zéie vun Industrien, déi zukunftsträchteg wieren, déi eventuell net energieintensiv sinn. An ech hunn hei net d'Zäit an och net d'Loscht an déi lescht Detailer ze goen, mä wann een elo all Donnéeë geschwënn um Dësch huet, da muss ee jo awer zum Beispill froen: Wat bréngt en energieintensive Betrib wéi Kronospan eis, wou 280 vun 300 Aarbechtsplaze geschaf gi sinn, wou Grenzgänger drop schaffen? Den Här Mosar huet eis jo virgerechent, dass an der Zwëschenzäit anscheinend déi Grenzgänger eis méi kaschte wéi se eis bréngen.

Mir hunn eis och soe gelooss vun deemselwechten Här Mosar, dass anscheinend d'Industrie praktesch keng Steiere méi bezilt. Wann ech dann awer gesinn, dass d'Kronospan mat 100.000 Tonnen CO_2 an der Rechnung steet an dass ee pro Tonn vläicht eng Kéier 30, 40, 50 oder 100 Euro muss bezuelen, da si mer jo bei enger Zomm vun, wat weess ech, zéng Milliounen Euro pro Joer, wat d'Kronospan eis kascht. An op där anerer Säit ass jo anscheinend déi ekonomesch Retombée op eise Budget praktesch null.

Guer net ze schwätzen, Här President, an do wiere mer bei engem gudde Beispill fir e Verglach ze maache vun deene Milliounen, déi ëmmer hei an d'Luucht gestallt si gi fir d'Fotovoltaik, wou mer wëssen, dass 300 nohalteg Aarbechtsplaze geschaf si ginn. Ech mengen, dass d'Kronospan mindestens esou vill Subside kritt huet wéi d'Fotovoltaik an deene leschte véier Joer kascht huet.

Ech si gespaant wat mëttel- a laangfristeg dee Betrib eis ënnert dem Strëch géing kaschten, Här President, a mir hätte scho längst missen eng Kéier esou ee Beispill huelen, scho viru Joren, an emol eng Kéier e puer Ekonomisten dodrop setzen a soen: Wat ass de volkswirtschaftlechen Impakt vun esou enger Industrialiséierungspolitik, besonnesch en vue vun engem Kyoto-Mechanismus, deen awer och schonn Enn der 90er Jore bekannt war a wou een hätt misse wëssen, dass een do gewësse Risike géinge lafen?

Dat just fir…

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Déi Gréng sëtze jo zu Suessem am Gemengerot, da maacht en zou.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Ech hunn haut schonn e puermol gemierkt, Här Jaerling, dass Dir déi heite ganz wichteg Thematik net ganz eescht wëllt huelen. Dir wësst jo ganz genee, dass Der elo egal wat gezielt hutt.

(Interruption)

Här Jaerling, Dir wësst gradesou gutt wéi ech, dass eng Gemeng net responsabel ass fir en Industriebetrib zouzemaachen. Mir hu kee Problem mat där Ausso, déi ech hei gemaach hunn. Zënter dass et Déi Gréng gëtt, hu mir schonn drop higewisen, dass ee misst oppassen an dass ee misst nodenken driwwer, wéi eng Betriber dass een op Lëtzebuerg géing eranhuelen, dass een net einfach soll iwwert d'Welt spadséiere fueren an egal wat vu Betriber op Lëtzebuerg huelen, just fir Aarbechtsplazen ze schafen, mä dass ee vill méi geziilt misst goen, dass ee Betriber sollt huelen, déi e Lien mat Lëtzebuerg hätten, well zu all deem wat ech iwwert deen do Betrib gesot hunn, ass et jo anscheinend nach esou, dass dee Betrib bis haut nach kee Kubikmeter Lëtzebuerger Holz verschafft huet. Wann ech dann héieren, dass och nach all Kubikmeter Holz aus Sibirien an ech weess net vu wou op Lëtzebuerg transportéiert gëtt, da muss ee sech wierklech froen, ob dat do am Kontext vun enger Ëmweltproblematik weltwäit Sënn mécht.

M. Henri Grethen *(DP)*.- Är Industriefeindlechkeet ass erschreckend. Dat do ass een eenzegen Discours géint d'Industrie.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Neen.

M. Henri Grethen *(DP)*.- Dach.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Neen. Här Grethen, Dir sidd an der Mëtt vu mengem Beispill erakomm an ech fannen et da wierklech net ganz manéierlech, Dir laaft eraus an Dir kommt an der Mëtt…

M. Henri Grethen *(DP)*.- Dir hutt mech sechsmol hei zitéiert.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Dat ass net wouer.

M. Henri Grethen *(DP)*.- Ech hunn dat och net héiflech fonnt. Ech hunn net héiflech fonnt wéi Dir mech hei zitéiert hutt.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Ech hunn dat widderholl, wat Dir x-mol hei der LSAP virgeworf hutt, dass si mat hirem Engagement zu Kyoto Lëtzebuerg géing zréck an d'Steenzäit féieren.

M. Henri Grethen *(DP)*.- Wann Der nogelauschtert hätt, dann hätt Der gewosst, dass dat dat Engagement ass wat op europäeschem Niveau geholl ginn ass, well den Dossier kennen ech och e bëssen. D'Europäesch Unioun huet zu Kyoto en Engagement geholl an de „burden sharing" ass à l'intérieur vun der Europäescher Unioun gemaach ginn. An dee „burden sharing", dee mir an der Europäescher Unioun iwwerholl hunn, hunn ech net gutt fonnt.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Wann Der heibanne bliwwe wiert, Här Grethen, …

M. Henri Grethen *(DP)*.- Ma ech hunn lech héieren.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- …, hätt Der matkritt…

M. Henri Grethen *(DP)*.- Ech hunn lech héieren. Et huet mech egal wou ech war verfollegt an erschreckt.

(Hilarité)

M. le Président.- Loosst Den Här Gira ewell schwätzen.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Merci, Här President.

(Interruptions)

M. le Président.- D'Situatioun ass kloer. Fuert weider, Här Gira, wann ech gelift. Dir hutt d'Wuert.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Merci, Här President. Ech mengen net, an ech loosse mer och net vum Här Grethen eng allgemeng Industriefeindlechkeet virwerfen, dat ass wierklech egal wat. Mir hu genuch Beispiller wou mer kënne weisen, dass och do mir fir eng ganz Rei Betriber antrieden. Dat Eenzegt, wat ech gesot hunn, dat ass dass mir schonn zënter Joren dovir warnen einfach egal wat an d'Land ze huelen, just fir kënnen ze soe mir hunn esou vill Aarbechtsplaze geschaf.

Mir plädéiere fir Secteuren, fir Industrien, déi fir zwee Su e Lien mat Lëtzebuerg hunn, wou sief et de Manpower hei ass, sief et d'Ressourcen. Ech hu just ee Beispill illustréiert, wat gradsou gutt kéint iergendwou anescht sinn, an ech mengen, dass déi Industriepolitik eriwwer ass. Mir trieden op jidde Fall net fir déi an an dozou sti mer och.

Wéi wéineg seriö awer och sech insgesamt mat deem Thema beschäftegt ginn ass weist, dass bis praktesch dee leschte Moment ëmmer erëm nei Zuelen an deem Dossier opgedaucht sinn. Ech war selwer de 5. Mee 2003 op engem Seminar vum Ëmweltministère, wou d'Direktiv, déi haut ëmgesat gëtt, virgestallt ginn ass. Dunn ass nach ëmmer de Chiffer vun 12,4 Tonne fir 1990 doruechter zirkuléiert. Elo op eemol am Allocatiounsplang si mer bei 14 Milliounen Tonnen. Ech konnt net novollzéien, wou op eemol déi nei Zuelen hierkomm sinn, mä eleng de Fait, dass esou kuerz virum Ëmsetze vum Allocatiounsplang emol nach net kloer war, a wéi enge Beräicher mer eis géife bewegen, dat eleng weist wéi seriö all déi Regierungen deen Dossier geholl hunn.

Da komme mer zur CSV-DP-Regierung. Ech ginn de Verdacht net lass, dass déi Regierung d'Vitesse ënnerschat hat, wéi séier den Dossier héich aktuell géing ginn. Si huet am Joer 2000 zwar eng hallefhäerzeg Strategie virgeluecht, fir CO_2-Emissiounen ze reduzéieren, mä dës Strategie, ech hu se elo nach eng Kéier gelies virun haut, war weder wëssenschaftlech fundéiert, se war och guer net ofgeschwat mat anere Ministèren an et ass jo kee Geheimnis - an entschëllegt, Här President, wann ech den Här Grethen dann nach eng Kéier zitéieren -, et war gewosst an et war déi fënnef Joer offensichtlech, dass hei innerhalb vun der Regierung, mä och innerhalb vun der DP, zwou total ënnerschiddlech Meenunge waren.

Op där enger Säit den Ëmweltminister Goerens a säi Statssekretär, déi mengen ech awer fir zwee Su erkannt haten, wat hei op eis géing duerkommen. An op där anerer Säit den Här Grethen, deen, gradesou wéi mir elo, all Mënsch, deen e bësse méi kritesch war mat enger gewësser Politik, Industriefeindlechkeet virgeworf huet. Dat ass eng vun den Ursaachen, dass mer an deene fënnef Joer kee Millimeter weiderkomm sinn, a virun allem, Här President, hat dës Strategie wierklech kee Réckhalt am Koalitiounsprogramm; do stoung kee Wuert dra vun enger ekologescher Steierreform an da mécht et net vill Sënn, wann ee weess wéi d'Politik funktionéiert, dann zwee Joer drop an engem Strategiepabeier vun enger Erhéijung vun der Autossteier ze schwätzen, vun anere Steieren a sou weider. Dat huet misse schif goen!

2001 sinn do wuel déi Reglementer, vun deenen haut schonn an och déi lescht Zäit esou vill geschwat ginn ass, a Kraaft gesat ginn. Et mengt ee jo nach ëmmer, an deene Reglementer wär nëmmen iwwer Fotovoltaik diskutéiert ginn. Dat war ee vu ville Subsiden, déi ee ka kréien, a wann do eppes entstanen ass, dann ass et richteg, well do d'Subsiden esou gutt waren, dass sech vum selwen e Maart entwéckelt huet. Mä ech wëll awer drun erënneren, dass an deene Reglementer nach ganz, ganz aner Saachen dra waren, wou et ëm d'Wäermt gaangen ass, wou et ëm e Secteur gaangen ass, wou et wierklech eppes bruecht hätt, och am Kontext vu Kyoto. Mä wat ass dann do geschitt? Do ass keng Strategie entwéckelt ginn, et si keng Energieberoder agestallt ginn, an et war deemools scho keng Kohärenz an der Regierung tëscht Innenminister an Ëmweltminister. An dat ass an där heiteger Regierung net besser.

An ech wëll dorunner erënneren, Här President, dass mer an deem Land hei schonn zéng Joer iwwer e Programm vun Albausanéierung schwätzen. De Kolleeg Castegnaro ass Zeien, dass schonn ënnert der deemoleger CSV-LSAP-Regierung hien zesumme mam Mouvement écologique en absolut sënnvolle Programm virgeluecht huet, fir zu Lëtzebuerg e wäit gefächerten Albausanéierungsprogramm virzeleeën, wou mer Aarbecht hätte fir d'Lëtzebuerger Handwierk fir zéng bis 20 Joer, wou mer déi Leit, déi anscheinend de Moment am Déifbau ze vill sinn, kéinten ëmschoulen an an den Héichbausecteur maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wou ass dee Programm? Ech hu mer soe gelooss, dee léich elo schonn zéng Joer op Äis, well de Mëttelstands- a Wunnengsbauminister net géing eens gi mat deene jeweileegen Ëmweltministeren, wien dann elo schlussendlech de Leit géing d'Suen iwwerweisen. Dat ass typesch Lëtzebuerg!

M. John Castegnaro *(LSAP)*.- Kolleeg Gira, den neie Minister huet eis versprach, e géing e relancéieren. Mir waarden dann drop.

(Interruptions)

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Jo, ech wëll awer just soen, sou laang wéi mer nach d'Reglement vum Wunnengsbauminister hunn, komme mer net virun.

Ech stelle fest, an der Realitéit ass näischt geschitt, a wann hei de Potenzial, dee mer zu Lëtzebuerg hunn, sou minimiséiert gëtt, da wëll ech awer soen, dass den Här Ewringmann erausfonnt huet, dass mer insgesamt beim Albaubestand e Potenzial vu bal enger Millioun Tonnen hunn. Wa mer virun zéng Joer ugefaang hätte mat Albausanéierungen an eng nei Wärmeschutzverordnung gemaach hätten, dann hätte mer haut scho wéinstens vläicht en Drëttel oder e Véirel vun den 850.000 Tonne gemaach. Guer näischt ass geschitt, an ech sinn nawell gespaant, wéini datt et dann elo definitiv an deem Secteur do eppes wäert ginn.

Mä dës Regierung ass total iwwerrascht gi vun der Direktiv, déi mer haut ëmsetzen. Den 13. Oktober 2003 war déi op eemol do, a se concernéiert eben net nëmmen déi 19 Installatiounen, iwwert déi mer haut schwätzen, mä do steet eben och dee berühmten Allocatiounsplang dran. An dunn huet et geheescht, elo musse mer all Secteur seng Quote zoudeelen. Deemools ass vläicht fir d'éischt an deem ganzen Dossier, muss ech soen, awer e bësse méi eng wëssenschaftlech Approche an och Basis geholl ginn. Ëmmerhin ass den Här Ewringmann vun engem seriöen däitschen Institut domat beoptraagt ginn, déi ganz Saach mol eng Kéier ze analyséieren.

Wat awer schonn deemools och erëm verpasst ginn ass, dat ass e groussen Débat ze féieren, wéi et eigentlech jo och an der Direktiv virgesinn ass, well dat do jo elo net nëmmen déi 19 Installatioune concernéiert, mä eigentlech eis alleguerten, well all Tonn, déi d'Industrie kritt, déi feelt eis fir eis

Haushalter, fir den Transport, fir aner Secteuren. Dofir mengen ech hätt deemools scho missen eng grouss Debatt gefouert ginn.

Mir haten hei am Kader vun enger Heure d'actualité am November 2003 eng Motioun ënnerbreet, fir deen Débat ze féieren, déi ass ofgelehnt ginn, dunn ass nach séier en Alibi-Hearing an der Chamber gemaach ginn. Ech mengen awer net, dass een dat kann een Débat public nennen. Do sinn hei eng Dosen Associatiounen défiléiert an hunn hir Meenung gesot, an domat hat et sech.

Komme mer dann zur CSV-LSAP-Regierung vun haut. Ech mengen net, dass si sech hirer Iefschaft bewosst war, well soss hätt een dat jo missen aus dem Koalitiounsofkommes erausliesen. Ech liesen net aus deem Ofkommes eraus, dass Klimaschutz als déi grouss Erausfuerderung virun eis steet. Vun enger ekologescher Steierreform geet och kee Wuert Rieds an deem Pabeier. Am Oktober ass dunn nach séier en Amendement fir dee berühmte Fong nogeschoss ginn, deen näischt aneschters beinhalt, wéi e Fong ze maachen, fir eis um internationale Maart fräizekafen.

Mä wat awer elo wéinstens kloer ass duerch d'Ëmsetze vun der Direktiv, Här President: Den Offenbarungseed ass elo offensichtlech. Amplaz vun 1990 vu 14 Milliounen op 10 erofzekommen am Joer 2008, oder wéi ech éinescht geschildert hunn, vun 8,5 Milliounen Tonnen 1997 erop op 10 am Joer 2008, steet elo schwaarz op wäiss an dësem Pabeier, dass mer op d'mannst riskéieren 2008 bis 2012 bei 13 Milliounen Tonnen ze landen. Domat hu mer de facto nëmme 7% Reduktioun vis-à-vis vun 1990, oder 30% méi wéi 1997, wéi mer ënnerschriwwen hunn, a mer verfeelen eist Zil ëm ganzer 20%.

(Interruptions)

Mir wäerten domadder 2008 bis 2012 bei 26 Tonne pro Kapp leien, an domadder wierklech wäit jenseits von gut und böse, a mir mussen ëmmerhin dann dräi Milliounen Tonnen akafe goen. Dat sinn ëmmerhin 75% vun eisem ganze Reduktiounszil.

An déi Gréng, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fannen dat wierklech en Hohn. Dat ass géint alles, wat hei ëmmer politesche Konsens war, zumindest tëschent deenen dräi grousse Parteien. Et war ëmmer hei e politesche Konsens déi lescht siwen, aacht Joer, dass mer géinge probéieren e Maximum vun Efforten heiheem, bei eis selwer ze maachen, awer mindestens 50%.

Ech stellen haut hei fest, dass elo e Konsens anscheinend do ass, dass mer kee Problem hunn, fir op d'mannst - an ech betounen: op d'mannst - 75% vun eisem Reduktiounszil kafen ze goen. Mir si forcéiert anscheinend 75% op den internationale Maart kafen ze goen. Ech mengen, dat ass wierklech en Offenbarungseed. Ech froe mech och, wat geschéie géing, wann all Land esou géing virgoe wéi mir, a misst 75% vu sengen Ziler um internationale Marché kafe goen, da geséiche mer mol, wéi séier de Präis pro Tonn géing an d'Luucht goen.

Mir sinn awer optimistesch Mënsche bei deene Gréngen, a mir haten ee Moment gehofft, mir hate wierklech ee Moment gehofft, et géing endlech bei der Majoritéit dämmeren, wéi eescht d'Lag eigentlech wier. Fir d'éischt sinn eigentlech bei Budgetsdebatten Thematike wéi Klimaschutz a Kyoto eeschthaft diskutéiert ginn. Fir d'éischt huet e Budgetsrapporteur zumindest iwwert de Sënn vun deem extremen Tanktourismus nogeduecht. Säi Fraktiounschef Michel Wolter huet och ähnlech Téin ugeschloen, an do ware mer schonn op eemol ganz optimistesch ginn.

Mä mir sinn awer séier, séier leider enges Bessere beléiert ginn, wéi den Här Frieden op dës Tribün komm ass mat senger berühmtener Milchmädchenrechnung fir ze soen, den Tanktourismus bréngt 900 Milliounen Euro, Kyoto kascht eis 30 Milliounen, domat ass d'Thema erleedegt - ad acta an nächste Punkt, wann ech gelift!

Här President, déi Gréng bezweifele souwuel déi 900 Millioune Recetten eleng vum Tanktourismus, a mir bezweifelen och - an dat hunn ech scho gesot - ganz staark, ganz staark, déi 30 Milliounen, déi Kyoto eis soll kaschten. Et si schonn Zuele genannt ginn, bei déi op d'mannst eng Null hannendru muss kommen. Fir dass endlech awer dat Kaz- a Mausspill vu viru 14 Deeg, wat hei erëm ofgelaf ass, ophéiert, an dass mer mol endlech kéinte mat seriöen Donnéeën hei schaffen, wa mer iwwer Zeenarië vun der Zukunft diskutéieren, probéieren ech dann elo fir d'lescht - dat muss ech awer ganz éierlech soen - eng Motioun iwwert den Tanktourismus eranzebréngen. Nodeem ech den Här Negri héieren hunn als mandatéierte Spriecher vun der LSAP, sinn ech fest iwwerzeegt, dass dës Kéier d'Motioun duerchgeet. En huet eigentlech genee datselwecht gesot wéi ech, nämlech dass mer endlech mussen d'Zuelen op den Dësch kréien an dass mer besonnesch dee Phenomeen awer mussen am A behalen.

Ech wëll och dem Här Lux, dee leider net méi kann hei sinn, äntwerten. Hien huet nach all Kéiers eng Äntwert vun deene Grénge kritt, wann en eis gefrot huet: „Wat stellt Dir lech da vir?"

Här President, déi Gréng stelle sech net vir, dass mer vun haut op mar den Tanktourismus ofschafen; déi Gréng stelle sech net vir, dass mer vun haut op mar de Präis un all eis Noperen upassen; déi Gréng stelle sech vir, dass een d'éischt de Pour an de Contre rechent, an dass een dann een Zeenario entwéckelt, dass een zumindest - zumindest! - den Tanktourismus zum Beispill op deen Niveau kann zréckféiere vun 1997, well wa mer en net fortlafe gelooss hätten, Här President, wa mer et fäerdeg bruecht hätten, den Tanktourismus um selwechten Niveau ze hale wéi 1997, dann hätte mer praktesch kee Problem fir eis Kyoto-Ziler anzehalen. Net méi an net manner wëlle mer. Dat hei wier d'Basis dovun, fir dass mer endlech Zuelen op den Dësch kréien. Här President, ech ginn lech déi Motioun an ech hoffen, datt mer se unhuele wäerten.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant les objectifs de la convention-cadre des Nations Unies signée à Rio de Janeiro en 1992 et ratifiée en 1993 par la Chambre des Députés ainsi que les objectifs du protocole de Kyoto;

- considérant la responsabilité historique des pays industrialisés et notamment européens face au problème des émissions des gaz à effet de serre (cf. les émissions élevées de CO_2 par tête d'habitant);

- considérant que le Luxembourg fait figure de pays grand producteur d'émissions de gaz à effet de serre;

- considérant que la consommation de carburants a une influence importante sur nos émissions;

- considérant que la majorité de la consommation de carburant n'est pas imputable à la flotte véhiculaire du Luxembourg mais qu'elle est le résultat du phénomène dit du „Tanktourismus";

- considérant que le plan d'allocation national part de l'hypothèse que le Luxembourg va rater ses engagements de réduction de 3 millions de tonnes de CO_2;

- considérant que les droits d'émissions supplémentaires devraient le cas échéant être achetés sur le marché international;

- considérant que dans la stratégie pour atteindre l'objectif contraignant de Kyoto un des axes consiste à freiner la tendance à l'augmentation intense du trafic routier et de la consommation de carburants d'ici 2012;

invite le Gouvernement

- à faire une étude d'évaluation sur les conséquences économiques, écologiques et financières du phénomène du „Tanktourismus";

- à élaborer une stratégie concrète permettant de freiner la consommation de carburants d'ici 2012.

(s.) Camille Gira, François Bausch, Felix Braz, Jean Huss, Henri Kox.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Dat do ass Politik mat der Ëmwelt, dat huet näischt méi mat Ëmweltpolitik ze dinn.

(Interruptions)

M. le Président.- Här Gira, fuert weider wann ech gelift.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Mä et waren awer net nëmmen, Här President, dem Här Frieden seng Wierder, déi eis enttäuscht hunn an eis drun zweiwele gelooss hunn, dass e Changement kënnt, och wéi mer de Rapport vum Här Negri kritt hunn zum Projet ware mer awer e bëssen iwwerrascht iwwert déi 180-Grad-Kéier, déi d'LSAP geholl huet, nodeem - an dat huet den Här Calmes scho gesot - den Här Bodry awer ëmmer e ferventen Unhänger war, fir wierklech awer mindestens d'Halschent vun de Mesuren heiheem ze maachen, schwätze mer dann och elo vun atypescher Situatioun an esou weider an esou fort, esou dass mer och keen Ëmdenken erkennen.

Fir eis gehéiert och d'Oflehnung vun der Resolutioun iwwert den Zukunftsdësch zu deemselwechte Schema, well och dat huet mat Klimaschutz ze dinn. Deemno wéi mer eist Land organiséiere brauche mer vill Hëtzes, vill Masutt a vill Bensin, an deemno wéi mer et organiséiere brauche mer es vill manner. Och dat hätt dora gehéiert.

A schlussendlech och dat Trauerspill iwwert déi Diskussioun mat den Alternativenergien, wéi wann 20 bis 25 Milliounen Euro pro Joer, Här President, a méi ass et net, Investissementer an d'Alternativenergien, wéi wann dat géing dozou féieren de Lëtzebuerger Budget an d'Ongläichgewiicht ze bréngen. Doriwwer kënne mer nëmme laachen, an da wëllen do Leit mam Zouschlaghummer wierklech ee Secteur, deen elo liicht gewuess ass, dout maachen.

Mech wonnert et, wéi liichtfankeg dës Majoritéit mat 300 Aarbechtsplazen ëmgeet. Mir hu gëschter an enger Pressekonferenz drop higewisen, dass do Leit schonn e bloe Bréif kritt hunn a gekënnegt kritt hunn Enn Oktober, well d'Betriber net méi wëssen, wat nom 1. Januar an deem Beräich ass. A wa kee méi eng Solaranlag op den Daach leet, da mussen eng ganz Rei Leit entlooss ginn. Dat, wat den Här Lux de Mëtteg gesot huet, berouegt eis guer net, well et nëtzt elo näischt am Mee Reglementer ze hunn déi soen, Dir hätt nach am Januar eppes kritt fir Är Anlag. Bis de Mee ginn da keng Anlage méi gebaut, da ginn d'Leit entlooss. Ech hoffen, dass dës Majoritéit am Stand ass e Reglement ze huelen, wat déi bestoend Reglementer op d'mannst nach sechs Méint a Kraaft léisst.

Ech mengen, dass dat nach misst méiglech si virum 1. Januar. Dat ass de Minimum, wat ee géif maachen. Ech mengen net, dass déi puer Milliounen Euro, wat dat kascht an net méi kascht wéi bis elo, eise Budget géifen op d'Kopp geheien. Ech géing et dramatesch fannen, wann elo ee Secteur, dee just amgaangen ass ze wuessen, géing scho ganz am Ufank futtigemaach ginn.

Här President, all dat léisst eis nach keen Ëmdenke bei der Majoritéit erkennen. Mir sinn der Meenung, dass den Enjeu nach ëmmer ënnerschat gëtt, an duerfir kënnen déi Gréng och dës onverantwortlech Politik vis-à-vis vun de kommende Generatiounen net matdroen.

Mir hu jorelaang virun dëser Evolutioun gewarnt, mir hunn op den Eescht vun der Situatioun higewisen an och konkret Virschléi gemaach. Et ka keen eis virwerfe mir hätten ëmmer nëmme kritiséiert. Grad an deem heite Beräich hu mer x Pabeieren ausgeschafft, x Pressekonferenze gemaach.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Gréng wëllen net Hiefamm si vun dësem Fong, deen hei geschaf gëtt, dee soss näischt ass wéi de Versuch eis mam Geld vun den hollännesche Camionneuren an den däitschen, franséischen a belsche Grenzgänger a Grenzgängerinnen aus eiser ëmweltpolitescher Verantwortung fräizekafen.

Här President, mir wëllen net Pätter oder Giedel si beim Ausstelle vun engem ongedeckte Scheck op d'Zukunft, well dat, wat nach kënnt, ass nach vill méi en déckt Enn wéi dat, wat elo schonn amgaangen ass. Wat mer haut hunn ass just d'Spëtzt vum Äisbierg.

Et ass scho gesot ginn, Kyoto II, do geet et ëm minus 30% weltwäit, jo deelweis minus 80% an den Industrielänner, an iergendeng Kéier kënnt dat, wouvun den Ëmweltminister Lux geschwat huet, dann hu mir als Lëtzebuerger och nëmme méi esou vill Tonnen zegutt wéi een a Brasilien, an Indien oder a China, an da si mir déi, déi am wäitsten dovun ewech sinn. Dat ass eng wahnsinneg Hypothéik, déi mer eise Kanner a Kandskanner iwwerloossen, a bei esou enger Politik wëlle mir wierklech net dobäi sinn.

Ech hu schonn dovu geschwat, dass de Präis riskéiert wahnsinneg an d'Luucht ze goen. Et ass schonn ernimmt ginn, dass 2008 eventuell d'Aviatioun mat dra kënnt, da fäerten ech da fält och nach d'Cargolux eis op de Kapp. Dat sinn alles Faktoren, déi nach erschwéierend wäerten dobäikommen.

Mä et geet net nëmmen dorëm. Et gëtt eis net nëmme schrecklech deier. Mir sinn als Gréng der Meenung, dass mer eng ganz Rei Chancë verpassen. Fir eis ass Klimaschutz déi Chance fir den néidege Strukturwandel anzeleeden am Energiesecteur. Mir kënnen effizient Steigerunge maachen, a Greenpeace huet an enger rezenter Pressekonferenz gesot, dat wat mir och fir richteg fannen: „An Zukunft wäert déi Ekonomie kompetitiv sinn, déi mat esou mann wéi méiglech Ressourcen a mat esou mann wéi méiglech Energie am meeschte Gidder kann hierstellen". Dat ass d'Zukunft, dat sinn déi Ekonomien, déi an 20, 30 Joer kompetitiv wäerte sinn, a wa mir elo den einfache Wee aschloen an eis wëlle fräikafen, dann ass eis Ekonomie net virbereet op déi doten Erausfuerderung.

Ech hu scho gesot, an dat ass schwaarz op wäiss bewisen, dass Alternativenergien Tonnen Aarbechtsplaze wäerte schafen, do entstinn d'Mäert vun der Zukunft. D'Mäert a China, de Premierminister huet jo China entdeckt, do ass ee Rise-Maart an deenen nächste Jorzéngte fir Alternativenergien, an Indien ebenfalls an an Afrika souwisou. Et wäert just eng Technologie gi fir an Afrika bis an dat lescht Duerf Stroum ze bréngen, dat kann nëmmen d'Solarenergie sinn, a fir eng Kéier ass dee Kontinent emol e bësse bevirdeelegt, da kommt mir investéieren dach an dee Secteur, dee wierklech d'Zukunft duerstellt.

Et wonnert mech, dass eis Spezialiste vun der Bankeplaz net op d'Iddi komm sinn, zu Lëtzebuerg den Handel mam CO_2 unzefänken. Dat huet London eis schonn ewechgeschnaapt, dat wonnert mech net, well einfach do méi Sensibilitéit ass, an ech kommen herno ganz kuerz dorop zréck, wéi hei zu Lëtzebuerg.

M. le Président.- Här Gira, Är Riedezäit…

M. Emile Calmes *(DP).*- …ass eriwwer.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Ech hu 35 Minutten an ech huelen déi zéng Minutte vun der Motioun dobäi, wann Der erlaabt, da kommen ech op 45 Minutten.

Dat, wat ech elo grad gesot hunn, soen net nëmmen déi Gréng, dat soen ëmmer méi Experten. Een, deen de Kok-Bericht zur Lissabon-Strategie gelies huet, gesäit och, dass do e ganz wichtegen Artikel iwwer Ëmweltschutz an Alternativenergien dran ass. Fir eis ass et ganz kloer: De Corollaire vun enger effikasser Klimaschutzpolitik ass eng Senkung vum Energieverbrauch an domat e groussen ekonomeschen a geostrategesche Virdeel wéinst enger manner grousser Ofhängegkeet vun den Importer.

Dass et och anescht geet, dat wëll ech nach an engem Beispill weisen, nämlech engem aus England. Dat wäert eent vun de Länner sinn, wat säi Kyoto-Zil wäert erreechen. Si hu sech engagéiert fir minus 12,5% fir 2012, se hunn awer haut schonn am Parlament en Engagement geholl, fir minus 60% bis 2050 ze erreechen. Si hu sech awer och Instrumenter ginn, se hunn eng Tax agefouert iwwert de Changement climatique, si haten den Handel schonn 2002. A London ass, wéi ech elo grad gesot hunn, amgaangen d'Haaptstad ze gi vum CO_2-Handel, ee ganze Secteur juridique entsteet do ronderëm. An, an dat ass dat Wichtegst, hir Ekonomie huet net dorënner gelidden. Jidderee weess, dass déi englesch Ekonomie eigentlech relativ gutt do steet, fir déi Ligener ze strofen, déi mengen esou eng nei Strategie géing dozou féieren, dass d'Wirtschaft géing biergof goen.

Mä firwat ass dat dann esou? Abee, den Tony Blair huet de Klimaschutz zur Chefsache gemaach, en huet kloer Messagen no bausse ginn a gesot, dass d'Klimaproblematik déi wichtegst Problematik vun deenen nächste Jorzéngte wäert sinn, jo esouguer méi wichteg wéi den Terrorismus. An dat ass, Här President, och den Ënnerscheed zu eisem Premierminister. Mir ginn de Verdacht net lass, dass de Statsminister Juncker all déi Jore vun der Rentemauer esou verblent ginn ass, dass en d'Klimaproblematik iwwersinn huet, Kyoto ënnerschat huet a sech beim Impakt vum CO_2-Dossier op eis Ekonomie verschat huet.

Mä nach ass et Zäit, léif Kolleegen a Kolleeginnen, dat Schlëmmst ze verhënneren. Nach ass et Zäit eis op d'mannst ze preparéiere fir Kyoto II. Mir sinn der Meenung, dass Klimaschutz och zu Lëtzebuerg zur Chefsache gëtt, dass mer endlech eng Strategie mussen entwéckelen, dass kloer Zuelen op den Dësch kommen, an ech hoffen, dass meng Motioun iwwert den Tanktourismus dozou bäidréit. Mir mussen d'Potenzial, eis Instrumenter ginn, a mir mussen d'Diskussioun net op d'Tripartite limitéieren. Ech hunn näischt dergéint, wa se do gefouert gëtt, mä si gehéiert och op d'Place publique, well jiddferee vun lech a vun eis ass concernéiert, an da kann et net nëmme sinn, dass d'Leit an der Tripartite doriwwer diskutéieren, da musse mer och mat jiddfer Mënsch doriwwer diskutéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum Schluss. Dëst Gesetz wier eng gutt Geleeënheet gewiescht endlech dësen néidege Paradigmewiessel, jo Mentalitéitswandel anzeleeden. Dësen Allocatiounsplang an d'Ausschaffen dovu wier eng Chance gewiescht kloer Messagen no baussen ze schécken. Et ass eng riseg Erausfuerderung, déi virun eis steet, déi Répercussiounen op all Beräicher vun eiser Gesellschaft huet. Dës Geleeënheet ass leider verpasst ginn, an duerfir kënnt Dir eis et net verdenken, wa mir dëse Projet net wäerte stëmmen.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Gira. D'Wuert huet den Här Mehlen.

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Merci, Här President. Här President, ech sinn der Meenung, datt dat hei bei aller Kritik, déi ee kann ubréngen un der Vergaangenheet, en historesche Moment duerstellt. En historesche Moment dofir, well no villen a laangen Debatten, déi mer hei an dësem Haus gefouert hunn, et elo konkret an eescht gëtt. Och - an ech deelen do e groussen Deel vun de Virwërf vu mengem Virriedner - wann een der Meenung ass, datt mer an der Vergaangenheet vläicht vill waarm Loft erausgeblosen hunn, wat awer an der Realitéit an der Virbereedung op dat, wat mer gesinn hunn op eis zoukommen, leider net vill beweegt huet. Mä hei komme mer an eng Phas, wou et konkret gëtt, a wou et wéideet. A wann et bis ufänkt wéizedoen, da geschitt och eppes.

Ech wëll dem Rapporteur och zu Unfank félicitéiere fir säi ganz engagéierte Virtrag hei, dee ganz explizit war, a wou een och säi perséinlechen Engagement hannendru gespuert huet. Ech wëll dann och hoffen, datt dat sech an der Regierungsaarbecht an Zukunft iergendwou bemierkbar mécht.

Ech wëll och gläich soen, datt mer d'Gesetz stëmmen, well mer net dolaanscht komme fir eis déi Instrumenter ze ginn, fir an der CO_2-Problematik virunzekommen. An dëser Problematik - an anerer hunn dat jo scho ganz engagéiert viru mir gemaach, dofir brauch ech et net nach eng Kéier ze widderhuelen - geet et ëm fundamental, existenziell Froen. Et geet ëm d'Klimaproblematik, déi zwar nach vun en etlech Leit kontrovers diskutéiert gëtt, mä ech mengen dat, wat fir de Politiker zielt, dat sinn d'wëssenschaftlech Virgaben an d'grouss Mass vun deene Wëssenschaftler, déi ee muss seriö huelen, déi soen eis wou de Wee higeet, a mir kënnen a mir däerfen dat net ignoréieren. Et soll een - do sinn ech och mat engem vu menge Virriedner d'accord - elo net onbedéngt e Katastrophenzeenario zeechnen. Mir hoffen alleguer, datt et alt net grad esou schlëmm kënnt wéi verschidde Leit et virmolen, mä eleng de Principe de précaution, a wann et nëmmen dat wär, deen obligéiert eis fir de Maximum ze maachen, fir datt dat, wat eventuell kënnt kommen, dann awer och net antrëtt.

Et ass en aneren Aspekt niewent där ekologescher Katastroph - an et gëtt Leit, déi souguer soen, mir wären am Norden amgaangen e Krich ze féiere vis-à-vis vun de Länner am Süden oder de Länner vun der Drëtter Welt -, et gëtt een anere Grond, deen all Mënsch mat gesondem Mënscheverstand muss dozou bréngen, esou séier wéi méiglech d'Kéier ze huelen, an dat ass d'Erkenntnis, datt den Uelech, ëm deen et sech jo hei haaptsächlech dréint, endlech ass. Wann ee gesäit wéi d'Consommatioun vum Äerduelech an der ganzer Welt klëmmt, a ganz besonnesch am asiatesche Raum klëmmt, da wësse mer, datt den Zäitpunkt net méi wäit ewech ass, datt eis Kanner et ganz sécher erliewen, datt quasi Stëllstand do ass.

Et gëtt de Moment schonn neutral Wëssenschaftler, déi den Zeenario beobachten, an déi soen, datt bei deene grousse Quellen, déi ugezaapt sinn, déi éischt 50% liicht erauszehuele sinn a bei deenen zweete 50% de Rendement vun de Pompelen, well ëmmer méi Déchete matkommen, erofgeet, an datt mer bei all deene bekannten Äerduelechvirkommen - do wou wierklech eng grouss Förderleeschtung méiglech ass - de Zénith schonn iwwerschratt hunn. Dat heescht, datt et sech schneit, datt d'Förderleeschtung, och wann de Wëllen do ass, net méi capabel ass, der Nofro nozekommen, ob dat elo de Moment de Phenomeen ass, oder ob et eréischt an engem oder zwee Joer sou ass, mir wësse wat doraus resultéiert, dat gi Präisser, déi herno net méi ze bezuele sinn; dat gi Kricher. Dat, wat mer de Moment do ënnen am viischten Orient erliewen, ass jo schonn de Virleefer vun deem, wat do op eis zoukënnt.

(Interruptions)

Här President, d'Europäesch Unioun huet sech engagéiert 8% ze reduzéiere par rapport zu 1990. Lëtzebuerg huet deemools gesot, mir maachen 28% Reduktioun, am Verglach: Dänemark an Däitschland 21; Éisträich a Groussbritannien 13; d'Belsch 7,5; Italien 6,5. Ech wëll net grouss hei an d'Diskussioun eraklammen, anerer hunn dat jo scho gemaach, ob mir eis mat deenen 28 ze vill opgelueden hunn. Et war sécher deemools, aus der deemoleger Siicht, keng falsch Approche, a souwisou muss een et virum Hannergrond kucken, datt dat hei jo eréischt den Ufank ass, an datt mer iergendwou jo bei ganz anere Prozentsätz musse landen, wa mer d'Kéier wëlle kréien.

Ech wëll och soen, dass mer 1998 bei minus 40% louchen, an datt et duerno onheemlech séier eropgaangen ass. Op jidde Fall war déi Aschätzung vun deemools, wann een haut zréckkuckt, net realistesch. An do stellt sech och, mengen ech, ganz akut d'Fro vum Wirtschaftswuesstum a vun dem Wuesstum vun eiser Populatioun, dee mat deem Wirtschaftswuesstum verbonnen ass, awéiwäit datt esou ee forcéierte Wirtschaftswuesstum, dee mer alleguerte gären hätten, well mer gär méi Mënz an der Keess hätten an nach gär méi Wuelstand hätten, awéiwäit datt deen iwwerhaapt iergendwéi nach sënnvoll ass an awéiwäit datt en nach ze vertrieden ass.

Wann een d'Zuele kuckt, da gesäit een, datt mer 1998 en Ausstouss hate vu 14 Milliounen Tonnen Treibhausgasen insgesamt, dovunner 13,3 CO_2. Mir misste jo also bei där Reduktioun op ronn 9,5 Milliounen Tonnen erof. An dat ass, mengen ech, déi Schwell, déi ee sech de Moment ëmmer muss virun Aen halen. A wéi gesot, et ass interessant, wann een d'Gesamtevolutioun kuckt: 1990 nach 13,3, du kënnt dee groussen Abroch duerch d'Stolindustrie: 7,7 am Joer 2001; 9,2; am Joer 2002 10,2; am Joer 2004: 12,5. Mer kënne jo elo bal realistescherweis rechnen, dass mer esou séier d'Kéier net kréien, datt mer 2008 wierklech Gefor lafe bei 15 unzekommen, dat heescht eng Verdueblung vun 1998 bis haut. An dat ass eppes, ech mengen, dat muss eis alleguer net nëmmen ze denke ginn, mä dat muss eis wierklech oprëselen an eis dozou befligele fir all Moossnamen, déi méiglech sinn, an d'Wee ze leeden, fir datt mer do deen Trend erëm ëmgekéiert kréien.

Wou kommen d'Emissiounen hier? Et sinn dräi grouss Gruppen: D'Industrie an d'Energieproduktioun, mat 3,5 vun deenen 10,5 deemools, dat heescht ronn een Drëttel; d'Ménagen an déi kleng Anlage mat 1,4 - an do gesi mer, datt do zwar e séchere Reduktiounspotenzial ass, mä datt dat awer quantitativ net esou gewalteg ass -; den Transport mat 5,5; dat ass ronn d'Halschent oder eppes méi wéi d'Halschent. Et ass tatsächlech do wou mer wierklech Potenzial hu fir ze reduzéieren, wann een et dann tatsächlech wëll maachen.

D'Konklusioun vun den Experten ass déi, datt mer bei allen Ustrengungen net capabel sinn, eist Zil mat deene Méiglechkeeten, déi mer hunn, ze erreechen, an zwar Emissiounsminderung, Erhéijung vun der Energieeffizienz an Entwécklung vun erneierbaren Energien. Dofir ass jo och de System vum Emissiounshandel agefouert ginn, deen, muss ech éierlech soen, mech am Ufank e bëssen entsat huet, wann ee mat der Approche erugeet: „Oh, et kann eis net vill passéieren. Wann et net geet, da kafe mer eis einfach Emissiounsrechter an." Mä wann een de System richteg iwwerleet, dann ass et déi eenzeg valabel Méiglechkeet fir virunzekommen a fir och mat deem Geld, wat dann offléisst, awer och direkt an deene Länner, wou vläicht sech och elo schonn eng falsch Tendenz ofzeechent, derfir ze suergen, datt do net datselwecht passéiert, wat hei geschitt ass.

Här President, mir beschléissen haut déi praktesch Ëmsetzung vun dësem System. Zum Projet vläicht ee Wuert: D'Allocatioun vu Quote geet jo un eng Rei Betriber, an zwar 19 un der Zuel. Do ginn an der Annex véier Secteuren opgezielt, dat ass Energie, Raffinerien a Kokereië fir d'éischt, dat Zweet ass d'Stolindustie, dat Drëtt Zement, Glas a Keramik an dat Véiert d'Pabeierfabrikatioun.

Här President, ech hunn, obschonn et elo net schrecklech wichteg ass, mech gefrot wat d'Luxlait an deem Veräin do ze sichen huet. Dat, wat si ausstéisst, ass och wierklech net vill, déi 8.000 Tonne par rapport zu deem nächstgréissten, dat ass d'Goodyear mat 67.000 oder deen Héchsten, d'TGV-Zentral mat 1.104.000. Vläicht ass et einfach nëmmen d'Combustiounsanlag fir Damp ze produzéieren, déi do am Spill ass, mä et huet op jiddfer Fall mat Stol oder mat Pabeier näischt ze dinn.

Dat sinn déi 19 Acteuren, déi déi 3,1 Milliounen Tonnen - plus hu mir eis 0,4 Reserve gelooss - verbrauchen. Do ass net schrecklech vill, dat soen d'Experten eis alleguer, net schrecklech vill Sputt fir nach ze kompriméieren. Dat, wat eis alleguer muss bewegen, dat ass: Wéi brénge mer all déi aner derzou, fir sech och esou ze verhalen, wéi wa si all Dag perséinlech dovu betraff wären, an net nëmmen datt mer eng Sensibiliséierung maachen, mä datt se dat tatsächlech och esou emfannen a sech och entspriechend behuelen?

Stéchwuert TGV-Zentral: Jo, dat war ganz sécher ee gewaltege Selbstgoal, ekologesch vläicht net esou falsch, mä nëmmen dann, mä awer och wierklech nëmmen dann, wann een d'Ofwäermt sënnvollerweis kann asetzen. Ech hunn deemools och, a meng Fraktioun mat, d'Meenung gedeelt, datt ee soll éier dezentral e puer net esou grouss Kraaftwierker bauen, fir och besser kënnen déi Wäermt eran ze bréngen.

Här President, ech war mat Ärem Virgänger virun dräi oder véier Joer zu Stockholm - wann een dann hei héiert, an d'éinescht ass den Här Goebbels luewenswäerterweis hei ernimmt ginn, datt dat jo bal net ze maachen ass, fir déi Wäermt do ënnert d'Leit ze bréngen an an d'Ménagen ze bréngen -; Stockholm ass eng riseg grouss Stad mat vill Waasser a ville Gréngflächen, vill Bëscher, wou praktesch déi besiedelt Fläch nëmmen een Drëttel ass vun deem Ganze vun där Stad. Scho säit virun dem Zweete Weltkrich gëtt do vun enger zentraler Plaz aus de Gros vun der Stad gehëtzt, esou datt keen eis hei däerf erziele kommen et wär net méiglech déi Energie, déi einfach do an d'Loft verpufft, kënnen an d'Haiser eran ze bréngen an dann op där anerer Säit selbstverständlech dee Masutt an dee Gas anzespueren, deen do iwwerflëssegerweis verbrannt gëtt.

(Interruption)

Vläicht musse mer eis iergendwann eng Kéier, wann et da finanziell esou wéi deet, iwwerleeën, ob mer déi Zentral net misste stëlleeën, wa mer dann net d'Wäermt ausgekoppelt kréien an domadder neutraliséieren.

Wat fir eng Strategie fir Lëtzebuerg? Ech mengen, et gëtt Leit, déi méi kompetent si wéi ech, déi dat virgezeechent hunn. Bei der Industrie, dat gouf elo grad scho gesot, ass kee grousst Potenzial méi, well eis Industrie huet relativ modern an effizient Energieanlagen an Energieverwäertung. Dat géing schrecklech deier kaschten, well ënner Ëmstänn ganz Produktiounsprozesser misste ganz nei opgebaut ginn. Do ass net vill ze radetten.

Wat d'Haushalter ubelaangt, do ass ganz sécher iwwert d'Altbausanierung wou bedauernswäerterweis, besonnesch och fir eist Handwierk esou laang näischt geschitt ass. Awer do ass jo och gesot ginn, 170.000 Tonnen. Wat mécht dat bei 1,4 Milliounen Tonnen insgesamt aus?

(Interruption)

Et ass wéinstens dat, selbstverständlech.

Wann een natierlech sämtlech Gebaier als Niddregenergiehaiser oder Passivhaiser do stoen hätt, da wär…

(Interruption)

Selbstverständlech, do si mer 100% enger Meenung, mä da muss een déi konkret Schrëtter aleeden. Da geet et wahrscheinlech mat Subsiden och net duer, da musse ganz einfach Verordnunge kommen. Dat ass de Standard, esou wéi mer et och an de Betriber maachen, an do huet elo an Zukunft sech jiddfereen drun ze halen. Laangfristeg huet jo och all Mënsch een Avantage dovun. Leider si mir et net gewinnt heiansdo esou wäit ze denken.

Dann de Verkéier, dat ass jo dee groussen Diskussiounspunkt. Mir hunn déi lescht Kéier déi Motioun do och mat gedroen. Den Tanktourismus ass ee gliddegt Eisen. Mir wëssen, nodeem wat de Finanzminister eis beim Budget gesot huet, wat dat bedeit fir de Lëtzebuerger Budget. Kuerzfristeg kënne mer do sécher net vun deem Zuch erofsprangen, mä laangfristeg. Da muss een d'Ënnerlagen hunn, da muss een iwwerleeën an et muss ee kucken, wou et histeiert. Wann d'Emissiounsrechter esou schrecklech deier gi wéi dat ënner Ëmstänn sech ofzeechent, da muss een déi Saach duerch ee ganz anere Brëll kucken, a mir sinn déi lescht, déi eis där Rechnung do géinge verschléissen, mä d'Rechnung muss gemaach ginn.

Mir deelen och d'Aschätzung vun deene Leit, déi soen, dat geet jo aus dem Här Ewringmann sengem Rapport ervir, datt déi Erspuernis global fir d'EU, déi doraus géing entstoen, datt d'Camionë vläicht den Détour net méi géinge maachen, awer relativ minimal ass. Mä et si jo och nach aner Aspekter, déi do matspillen, dat muss een insgesamt alles géinteneen ofweien an deem verschléisse mir eis net.

Den öffentlechen Transport, Här President, ass jo nu wierklech d'Blamage fir d'Féierung vun dësem Land. Wann ee bedéngt, wéi dacks datt hei geplangt ginn ass an erëm op d'Kopp gehäit ginn ass an erëm geplangt ginn ass. An elo hu mir dann e puer Saache gestëmmt an dat ass dann, dat muss ech leider soe fir déi Diskussioun erëm opzewerfen, erëm eng Kéier an déi falsch Richtung geplangt.

Mir hunn dat hei gesot an et si jo och nach aner Leit, Gott sei Dank, déi dat mat ënnerstëtzen, d'Ënnertunnellung vun der Stad mat den Zich, well mer finanziell esou knapp sinn. Wa mer eis alles kënnten erlaben, da wär et vläicht eng aner Diskussioun, mä mir kënnen eis et net méi erlaben a mir kréie mat deem, wat am Tunnelprojet geplangt ass, quasi all déi Leit, déi vu baussen an d'Stad kommen, mam Zuch bis an d'Stad eran a mer kréie se da relativ liicht an der Stad verdeelt. Mat deem, wat et elo kascht op de Findel erop a bis op d'Foire, an dann erëm ëmzesteigen a mam Tram erof bis bei d'rout Bréck an dann eventuell och nach mat enger Zahnradbahn oder mat wat och ëmmer vun ënne vun Eech erop, do hu mer de Problem vun der Verdeelung vun de Leit an der Stad iwwerhaapt net geléist. Dann hu mer nach keen Tram an der Stad. Am anere Fall hu mer zwou Mécke mat engem Schlag, dann ass dee Problem geléist.

Ech wollt och nach soen, datt, wat de Verkéier ubelaangt, wann d'Europäesch Unioun eis een Zeenario virzeechent, datt an deenen nächsten zéng Joer eleng de Camionsverkéier nach ëm 80% géing zouhuelen, da muss ech mech awer och froen, wat mir hei u klenge Moyenen do kënnen dergéint setzen, wann net och am Rot vun den Europäesche Verkéiersministeren an Ëmweltministeren do probéiert gëtt awer wierklech Neel mat Käpp ze maachen. Jiddferee vun eis weess, wat sech de Moment dobaussen op de Stroossen ofspillt, just wat de Gidderverkéier ubelaangt; esou kann dat doudsécher net weidergoen, och wa mir hei als kleng Lëtzebuerger net allze vill Afloss dorop hunn.

D'erneierbar Energien als nächste Moyen fir aus eiser Fal erauszekommen. Ech wëll ee Chiffer soen: D'Sonn strahlt, dat soen d'Wëssenschaftler, 3.000-mol méi Energie op d'Äerdklatz erof wéi mir der tatsächlech bräichten, souwuel fir eis Ernährung wéi fir eise ganzen Energieverbrauch, esou wéi mer eis de Moment behuelen. Also brauche mer eng Technologie, déi een Dräidausendstel vun der Sonnestrahlung ëmsetzt a verwäertbar Energie.

Dat ass technesch eigentlech kee Problem. Et ass just eng Saach vum politesche Wëllen. Ech kënnt elo laang iwwert d'Thema vun der Fotovoltaik schwätzen, mä meng Zäit leeft mer fort. Mir si schonn der Meenung, datt ee soll mat der Fotovoltaik virufueren, mir hu jo Engagementer, wat eis Produktioun vun elektrescher Energie aus erneierbaren Energiequellen ubelaangt. Et soll een also domat weiderfueren, mä et soll een awer och rechnen, datt do keng Excèsë geschéien. Et brauch jo awer och kee sech eng gëllen Nues domat ze verdéngen. Et soll sech iergendwou esou rechnen, datt jiddferee bereet ass dat ze maachen, datt ee kee Geld muss matbréngen. Schéi wär et jo, wa jiddfereen och nach fräiwëlleg géif soen, ech maachen eppes an deem Sënn. Mer hoffen och, datt eng Partie esou Leit do sinn, mä iergendwou muss et sech rechnen; awer och net méi.

Ech wëll och nach eppes soen: Mir si jo eréischt am Ufank vun där Technologie. Wann déi emol wierklech esou wäit ass, datt se en grande masse, automatiséiert produzéiert gëtt, muss se nach wesentlech bëlleger ginn a se gëtt och nach wesentlech bëlleger, wann déi Ëmsätz bis do sinn, déi musse kommen. Mir hunn ee banaalt Beispill mat de klenge Rechemaschinnen erlieft, déi am Ufank bal net ze bezuele waren an déi een haut an all Virwëztut fënnt.

Solarthermesch Anlage selbstverständlech och, do hu mer vläicht de Problem net richteg erkannt gehat, déi mussen onbedéngt am selwechte Mooss gefördert ginn. Wand- a Waasserkraaft, do si mer limitéiert, et ass och vläicht nëmmen eng Iwwergank-

serscheinung, fir déi Leit ze berouegen, déi de Moment Problemer domat hunn. Ganz sécher fanne mer spéiderhin och nach aner Moyenen, déi vläicht dann erëm erlaben déi Spillercher do, déi mech awer perséinlech net stéieren, aus der Landschaft erauszehuelen.

Ee Wuert nach zur Biomass. Dat ass jo eppes wat ëmmer erëm diskutéiert gëtt, mä wann een no enger konsequenter Strategie sicht, dann ass näischt hannendrun. Eis Bëscher produzéieren onheemlech vill Energie. Ech wëll awer och dat hei soen, näischt dergéint datt mer eng Partie als Naturbëscher leie loossen, well mer tatsächlech dat plazeweis brauchen, well mer och Contrainten hunn a well mer wierklech der Natur och een Deel mussen zréckginn, mä op där anerer Säit musse mer awer och dozou kommen, all dat anert Potenzial konsequent ze notzen. Dat ass ee Gaspillage, deen ass an engem Land wéi Lëtzebuerg, wat 35 bis 36% Bësch huet, iwwerhaapt net ze veränwerten.

D'Landwirtschaft ass menger Meenung no mam Bioraps an och mam Mais, deen an de Biogasanlage verschafft gëtt, net optimal beroden. Do brauche mer wierklech eng Strategie, mer brauche Leit, déi Fachleit sinn, fir datt mer déi effizientst Aart a Weis fanne fir Planzen, Biomass ze produzéieren. Et ass sécher net effizient, wann ech Mais produzéieren, wou de Buedem muss verschafft ginn, wou duerno eng ganz Partie Beaarbechtungsmoossname kommen, wou vill Energie dropgeet, fir en ze häckselen a fir en an d'Siloen eranzebréngen an esou weider. Wann ech eng Planz hunn, déi dauerhaft ass, déi ëmmer erëm nowiisst, déi wanterhaart ass, da brauch ech all déi Buedembeaarbechtung, déi vill CO_2-Ausstouss mat sech bréngt, well dat jo alles Energieverbrauch bedeit, net. Insofern sti mer do eréischt am Ufank, mä et muss konsequent ëmgesat ginn.

Et ass dach schänterlech an där Situatioun wou mer sinn, datt d'Bauere forcéiert ginn, 10 bis 15% vun hire Flächen, déi iwwert d'Photosynthèse kéinten Energie produzéieren, einfach musse broochleie loossen a mulchen an dat do leie loossen, wou mer et wierklech kënnten notzen. Do läit e Risepotenzial, wat leie bleift, well d'europäesch Agrarpolitik an hirer Verblendheet dat esou wëllt.

Ech wëll och nach eppes soen zu den organeschen Offäll. Ech war eng Kéier an enger Anlag, an zwar war dat a Süddäitschland, an enger grousser Schwäizer Anlag, déi wonnerbar funktionéiert huet, wou de ganzen organeschen Offall fir d'éischt duerch d'Biovergasung gelaf ass an duerno eréischt kompostéiert ginn ass. Mir wëssen alleguer, datt beim Kompost Wäermt entsteet, déi een normalerweis net vill notze kann, wann dann iwwerhaapt, an datt schrecklech vill CO_2 entsteet - just dat, wat mer net wëllen. Et ass zwar ee Prozess, wou herno vläicht e flott Produkt erauskënnt, wat ee ka gebrauchen, mä energetesch ass et absoluten Nonsens. Och do musse mer d'Kéier kréien, wann ee weess, datt vun eisem ganzen Offall 40 bis 45% organesch Mass ass.

Projeten an Drëttweltlänner - dat ass eppes, wat ee ganz positiv muss gesinn, well domat wierklech zwou Mécken op ee Schlag getraff ginn: Engersäits hëllefe mer deene Länner an hirer Entwécklung an op där anerer Säit spuere mer jo gläichzäiteg dat Geld, wat mer do investéieren, laangfristeg doduerch datt mer manner Emissiounsrechter musse bezuelen.

Dann nach e Wuert zur Effizienzsteigerung - ech gesinn, meng Zäit leeft esou lues of -: Do ass laangfristeg sécher e ganz grousst Potenzial. Ech hu virun e puer Joer mol d'Buch „Faktor Vier" vum Ernst Ulrich von Weizsäcker gelies. Ech mengen, dat ass haut schonn e bëssen iwwerholl, haut gëtt scho vu Faktor Zéng geschwat, a vläicht souguer dem Faktor 20, deen ugepeilt gëtt. D'Fuerschung muss an där Richtung forcéiert ginn.

Ech hu mer hei gemierkt, bei der Entwécklung vun de Waffesystemer, wa mer nëmmen d'Halschent hätten - Här President! -, wa mer nëmmen d'Halschent hätte vun deem, wat an d'Entwécklung vun neie Waffe gestach gëtt, fir d'Effizienzsteigerung vun eisen Energieanlagen, da wäre mer schonn e grousst Stéck, e grousse Schrack virun. Den Dräi-Liter-Auto géif eis, wann en da Standard wär, onheemlech vill Reduktioun am Verbrauch bréngen.

Wat fir Moyenë kann een asetzen? Do ass d'Fro vun de Verbrauchssteieren. Do ware mir a si mir och haut nach retizent, well et sozial eng schwiereg Affär ass, well ganz besonnesch d'Ménagë mat Kanner an esou, déi evidenterweis méi en héijen Energieverbrauch hunn, dann direkt betraff ginn. Entweder et bréngt een et fäerdeg dat sozial auszebigelen, oder - an dat ass een anere Wee, dee mir favoriséieren - et besteiert een d'Geräter, an zwar beim Akaf, sief et iwwert d'TVA, sief et iwwer Sondertaxen, direkt opgrond vun hirer Energieeffizienz.

D'Norme musse konsequent duerchgesat ginn, an och mat Subside komme mer net derlaanscht Entwécklungen ze förderen. Dänemark huet iwwregens doranner ganz positiv Erfahrunge gemaach, well se engersäits iwwer eng verstänneg Besteierung, déi awer zweckgebonnen, och op d'Förderung vun neien Anlagen, ëmweltfrëndlechen Anlage gesat hunn.

Här President, ech kommen zum Ofschloss: Ech wëll bedaueren, datt zwar vill europäesch Länner gudde Wëlle weisen an elo op dee Wee ginn, datt awer virun allem dee gréissten Emittent vun CO_2, nämlech d'Vereenegt State vun Amerika, net derbäi ass.

Vläicht hu mer an deenen éischten Deeg elo d'Geleeënheet, eisem klenge Koseng vun Uesweller mat op de Wee ze ginn, e soll sengem President mol vläicht eng Kéier e klenge Virtrag doriwwer halen; mir géingen eis hei zu Lëtzebuerg grouss Suergen dowéinst maachen.

(Interruption)

Här President, den Energieproblem ass ze léisen; e muss och geléist ginn, well et bleift guer keen anere Choix, an e gëtt och geléist. Et freet sech just wéi séier. Mir hunn haut schonn d'technesch an d'finanziell Mëttelen derfir, mä wou gëtt investéiert? Wann ee kuckt, wat, ech soen et nach eng Kéier, d'Rüstung an d'Waffenindustrie verschléngen, dann erënneren ech un de Raoul Follereau, dee gesot huet: „Gitt mer, Amerikaner a Russen - dann huet keen eppes verluer, jiddfereen ee Kampffliger, dann hunn ech d'Lepra an der ganzer Welt ausgerott."

Wäre mer esou wäit, datt mer 50% vun der Rüstung - an da wär d'Welt wéi gesot net méi onsécher -, 50% vun deem, wat a Krichsgeschir investéiert gëtt, an d'Energiepolitik kënnten investéieren, da wäre mer um gudde Wee an dann hätte mer de Problem geschwë geléist. Eng nei industriell Revolutioun ass scho laang iwwerfälleg. Klimaschutz an Ekonomie sinn net am Widdersproch zuëneen, mä se si complémentaire.

Ech wëll och nach e Wuert zur WTO soen. Et kann net sinn, datt d'Europäer erëm eng Kéier de Schwanz bäizéien an datt déijéineg, déi de Luuspätter spillen, d'Virdeeler aus hirem Retrait erauszéien. Do musse mer haart bleiwen, an ech hoffen och, datt anerer eis dobäi hëllefen.

Zum Schluss: Mir mussen nieft all deene Mesuren, déi mer an d'A faassen, virun allem an d'Informatioun an d'Sensibiliséierung vun eiser Populatioun investéieren, an ech froen an deem Zesummenhang, wéi vill Budget datt mer zum Beispill an der Télevisioun an den Zeitungen all deene Reklammen entgéintsetzen, déi d'Leit opfuerderen, fir méiglechst vill ze verbrauchen. Do musse mer vläicht am nächste Budget ee seriöen Effort maachen.

Ech hunn lech scho gesot, mir stëmmen dee Projet hei, och wann e vläicht deen een oder anere Manktem huet, well et wierklech den Einstieg ass an déi Entwécklung, mat där mir hoffen datt mer virukommen.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Domadder ass d'Sitzung fir haut den Owend ofgeschloss. Muer de Moien ëm 8.30 Auer fänke mer nees un.

(Fin de la séance publique à 19.51 heures)

MERCREDI, 15 DÉCEMBRE 2004 15E SÉANCE

Présidence: M. Lucien Weiler, Président
M. Niki Bettendorf, Vice-Président
Mme Anne Brasseur, Doyen

Ordre du jour

1. 5406 - Projet de loi portant approbation du Traité entre le Royaume de Belgique, le Royaume des Pays-Bas et le Grand-Duché de Luxembourg en matière d'intervention policière transfrontalière, signé à Luxembourg, le 8 juin 2004

   (Rapport de la Commission juridique - Discussion générale)

2. 5391 - Projet de loi modifiant et complétant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée

   (Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale)

3. 5399 - Projet de loi modifiant l'article 14 de la loi modifiée du 12 mars 1973 portant réforme du salaire social minimum

   (Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi - Discussion générale)

4. 5401 - Projet de loi portant ajustement des pensions et rentes accident au niveau de vie de 2003

   (Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale - Discussion générale)

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Luc Frieden, François Biltgen et Mars Di Bartolomeo, Ministres.

(Début de la séance publique à 8.30 heures)

M. le Président.- Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

Une voix.- Si sinn ausgeflunn.

(Hilarité)

M. le Président.- Dat fält schwéier, wann een net do ass.

Mir fänken trotzdeem u mat der Diskussioun vun deene Projeten, déi mer um Ordre du jour hunn, a virun allem de Projet 5406, een Ofkommes tëscht de Beneluxstaten iwwert déi grenziwwerschreidend Polizeiasätz. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht an deemno opgedeelt. Et sinn ageschriwwe bis elo: d'Madame Flesch, den Här Bodry, den Här Braz an den Här Henckes. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Patrick Santer. Här Santer!

1. 5406 - Projet de loi portant approbation du Traité entre le Royaume de Belgique, le Royaume des Pays-Bas et le Grand-Duché de Luxembourg en matière d'intervention policière transfrontalière, signé à Luxembourg, le 8 juin 2004

Rapport de la Commission juridique

M. Patrick Santer *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, beim Projet de loi 5406 geet et ëm d'Approbatioun vun enger Benelux-Konventioun vum 8. Juni 2004, déi d'Regele virschreift wéi tëschent de Beneluxstate grenziwwerschreidend Polizeiasätz stattzefannen hunn.

Am initiale Projet de loi war och virgesinn, eng Décisioun JAI, also vun de Justiz- an Innenministeren, vum 2. Oktober 2003 ëmzesetzen. Virgesi gouf och d'Ännerung vu verschidde Gesetzer, ënnert anerem dem Code d'instruction criminelle, fir an eiser nationaler Gesetzgebung och Referenzen ze hunn op international Konventiounen iwwert grenziwwerschreidend polizeilech Interventiounen.

De Statsrot huet sech formell géint d'Ëmsetzung vun der JAI-Décisioun ausgesprach. Eng Ëmsetzung vun enger JAI-Décisioun, esou de Statsrot, géif der juristescher Natur vun esou enger Entscheedung widderspriechen. D'JAI-Décisioun vum 2. Oktober 2003 bräicht also net, sot de Statsrot, an eis national Gesetzgebung ageglidderd ze ginn, fir zu Lëtzebuerg rechtskräfteg ze sinn. Dem Statsrot senger ausféierlecher Argumentatioun, déi op der juristescher Natur vun enger JAI-Décisioun fousst, ass vun der Commission juridique Rechnung gedroe ginn. Et stellt sech nach just d'Fro, déi bei anere Projet-de-loien oder bei anere JAI-Décisioune wäert opkommen, ob och do eng national Ëmsetzung iwwerhaapt nach erfuerdert ass.

D'Observatioune vum Statsrot iwwert déi néideg Ännerunge vun nationale Gesetzer, déi sech op Konventiounen iwwert grenziwwerschreidend Polizeiasätz referéieren, sinn och vun der Commission juridique iwwerholl ginn. De Statsrot hat hei d'Meenung vertratt - Meenung, déi mer och gedeelt hunn -, datt esou Ännerungen net noutwendeg wieren. Dat, sot de Statsrot weider, géif och de Risiko mat sech bréngen, datt den Asaz vun auslännesche Polizeikräften hei am Land vun enger Onzuel vu Gesetzestexter géif geregelt ginn, wat net am Sënn vun enger gudder legistescher Aarbecht wier.

Esou limitéiert sech de Projet de loi, wéi e vun der Commission juridique guttgeheescht gouf, op d'Approbatioun vun der viregtgenannter Benelux-Konventioun vun 2004 an op verschidden Zousazbestëmmungen.

Här President, d'Grenzen an der Europäescher Unioun wäichen ëmmer méi de Grondfräiheete vum Bannemaart aus. Och wann dat eng ganz Rei vu positiven Aspekter mat sech bréngt, déi säit dem 1. Januar 1992, dem Grënnungsdag vum Europäesche Bannemaart, nach weider ausgebaut goufen, sinn déi banneneuropäesch Grenzen nach ëmmer eng Hürd fir eng polizeilech Zesummenaarbecht.

Et ass jo schwéier verständlech, datt, wa Krimineller vum progressive Verschwanne vu Grenzen am Bannemaart profitéieren, fir d'Police grad dës Grenzen awer eng Hürd fir eng efficace Zesummenaarbecht, spriech Kriminalitéitsbekämpfung duerstellen. Hürd, déi nëmmen iwwer méi oder manner komplex Prozedure kann iwwerwonne ginn.

Dofir gëtt jo an der Europäescher Unioun eng Zone de liberté, de sécurité et de justice ugepeilt. Eng ganz Rëtsch vun Texter sinn an deem Zesummenhang schonn ausgeschafft respektiv a Kraaft getrueden. D'Schengener Accordë sinn an deem Kader richtungsweisend gewiescht. Mä och dës Accorden, déi elo an e puer Méint 20 Joer wäerte feieren, mussen iwwerschafft an hir Effikassitéit muss iwwerpréift ginn.

Natierlech muss déi Zesummenaarbecht tëschent Police- a Justizautoritéiten aus deene verschiddenen EU-Memberstaten, oder nëmmen en Deel vun hinnen, kloer geregelt ginn. Et geet jo natierlech och ëm d'Rechter vun de Bierger. Eng Balance tëschent op där enger Säit enger kohärenter an effikasser Kriminalitéitsbekämpfung an op där anerer Säit de Rechter vu jiddferengem muss hiergestallt ginn.